# Sustainable mobility check by ProVelo.lu

## Froen un d'Kandidate vun de Kommunalwalen 2023




Déi nächst Jore sinn entscheedend, wa mir der Klimakris entgéint wierke wëllen. Déi aktuell Verkéierssituatioun zu Lëtzebuerg léisst keng Zäit iwwreg fir weider nohalteg Mobilitéitsléisungen ze ignoréieren. Et muss een elo der aktiver Mobilitéit Virrang an alle Planungen an Ëmsetzunge ginn. Politik aus de 70er an 80er Joren, wou den Auto am Mëttelpunkt vun allem stoung, ass definitiv net méi zäitgerecht. Mir brauchen e Mentalitéitswiessel an der ganzer Gesellschaft - virun allem Politiker musse Verantwortung iwwerhuelen a mat Courage d'Mobilitéit nei denken.

Dofir fuerdert ProVelo, datt déi aktiv Mobilitéit an den nächste Jore Prioritéit an der Verkéiersplanung vun de Gemenge kréie muss. Manner Auto a méi Vëlo bedeit d'Klima schützen an eis Stied a Regioune méi liewenswäert maachen.

Mat Hisiicht op dëst Zil huet ProVelo en Aktiounsplang mat konkrete Fuerderungen a Moossnamen opgestallt. Dësen Aktiounsplang gëtt begleet duerch Froen déi sech spezifesch un d'Gemengepolitiker riichten. ProVelo rifft d'Wieler dozou op, dës Froen hire Kandidate fir d'Gemengewalen ze stellen.

Mir hoffen dës Froen (an de Politiker hir Äntwerten) hëllefen Iech dobäi déi richteg Partei oder de richtege Kandidat ze fannen dee Kompetenz a politesche Courage fir d'Promotioun vun der aktiver/nohalteger Mobilitéit matbréngt.


ProVelo.lu a.s.b.l.
6, rue Vauban
L-2663 Luxembourg

www.provelo.lu
info@provelo.lu

**Mat Ënnerstëtzung vun:**

Velo Diddeleng · Esch Biken · Vélorution Esch

# 1. Planification



1.1 Wësst Dir wéi vill Leit bei Iech an der Gemeng mam Vëlo fueren?

1.2 Wat ass de Modal Split vun den eenzele Verkéiersmëttel bei Iech an der Gemeng?

1.3 Wat si fir Iech d'Virdeeler vun enger Verkéiersberouegung an Reduktioun vum Autosverkéier an ärer Gemeng?

1.4 Wéi vill Prozent vum Budget deen d'Mobilitéit concernéiert soll fir déi aktiv/nohalteg Mobilitéit virgesi ginn?

1.5 Gesitt Dir fir, e Mobilitéitskonzept auszeschaffe wat dem Vëlo/der Mobilité durable méi en héije Stellewäert an der Gemeng gëtt?

1.6 Wéi soll den ëffentleche Raum an Zukunft tëscht deene verschiddene Verkéiersmëttel opgedeelt ginn?

# 2. Infrastructure cyclable



2.1 Wëllt Dir eng sécher an duerchgehend Vëlosinfrastruktur an ärer Gemeng realiséieren?

2.2 Kann ee bei Iech an der Gemeng sécher mam Vëlo fueren? An d'Epicerie, an d'Schoul, an d'Schwämm asw.?

2.3 Hutt Dir en Uschloss un de Réseau National vun de Vëlospisten?

2.4 Entspriechen all d'Trottoiren an der Gemeng de gesetzlechen Normen? Geet hir Breet duer, datt Kanner ënner 13 Joer do ouni Konflikt mat de Foussgänger kënne fueren? Wéi sécher sinn d'Kräizunge vun de Stroossen?

# 3. Réglementation



3.1 Wéi stitt Dir zu enger allgemenger Geschwindegkeets-begrenzung vun 30 km/h op alle Stroossen inneruerts?

3.2 Kennt Dir de PNM2035 an d'Mesuren déi dra virgesi si fir d'Mobilitéit méi nohalteg ze gestalten? Wa jo, wéi eng vun deene Mesurë begréisst Dir besonnesch?

3.3 Wéi stitt Dir dozou fir an der Gemeng lokal Stroossen a Quartiersstroosse konsequent fir den Duerchgangsverkéier onattraktiv ze maachen ? Wat fir Mesuren huelt Dir hei kuerzfristeg?

# 4. Éducation




4.1 Wéi vill Kanner fueren aktuell an der Gemeng mam Vëlo an d'Schoul? Wéi grouss ass d'Potential ärer Meenung no?

4.2 Huet d'Gemeng eng Iwwersiicht iwwert kannergerecht Verbindunge mam Vëlo oder zu Fouss an d'Schoul? Wa jo, wéi eng sinn dat?

4.3 Wéi ënnerstëtzt Dir d'Kanner an d'Elteren dobäi Vëlofueren ze léieren an sech mat aktive Fortbeweegungsmëttel an d'Schoul ze deplacéieren?

4.4 Si bei Iech virun de Schoulen autofräi Zonen? Gedenkt Dir sou Zonen anzeriichten?

# 5. Infrastructures pour cyclistes



5.1 Hutt Dir genuch Vëlosparkinge bei de wichtegste Gebaier an ärer Gemeng? (Schoulen, Kulturzentrum, Gare, Geschäfter, asw.)

5.2 Ënnerstëtzt Dir d'Iddi dass d'Gemeng soll fir méi sécher Vëlosstellplazen, Dusche fir hir Mataarbechter, asw. suergen an och Betriber aus der Gemeng soll dozou encouragéieren?


ProVelo.lu a.s.b.l. , 6 rue du Vauban, L-2663 Luxembourg, info@provelo.lu

## 6. Planificateurs dédiés



6.1 Ënnerstëtzt Dir d’Nominatioun vun engem Mobilitéitsschäffen am neie Schäfferot (falls dat bis elo nach net de Fall war)?

6.2 Huet d'Gemeng e Vélosbeoptragten? Wann net, ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem Poste fir e Mobilitéitsplaner deen op déi aktiv/nohalteg Mobilitéit spezialiséiert ass?

6.3 Ass Iech bekannt, datt am MMTP en Uspriechpartner fir d‘Vélosplanung vun de Gemengen existéiert? Huet d‘Gemeng schonn eng Kéier op déi Ënnerstëtzung zeréck gegraff?

## 7. Logistique intra-urbaine




7.1 Wat ass är Positioun zur Notzung vum Cargo-Vëlo als Transportalternativ zum Auto, egal ob fir Privatleit oder de Wuerentransport um leschte Kilometer inneruerts?

7.2 Bitt d’Gemeng e Subside fir de Kaf vu Vëloen a besonnesch Cargovëloen? Wéi stitt Dir dozou?

## 8. Implication des citoyens



8.1 Bei Froen zu der Vélosplanung, frot Dir do d’Leit déi an Ärer Gemeng wunnen ëm hier Meenung?

8.2 Gidd dir aktiv op Är Awunner zou fir Mobilitéitsfroen ze diskutéieren? Wa jo, wéi e Stellewäert gitt Dir dëse Meenungen?